adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
04 DEC. 2017
3499

Lëtzebuerg, de 4. Dezember 2017

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **parlamentaresch Fro** (Art. 81) un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Ech sinn informéiert ginn, datt den éischte Weekend am Dezember, deen duerch kal Temperaturen a rëtscheg Stroossen an Trottoire geprääget war, d'Urgencen an enger Rei vu Spideeler iwwerlaascht waren. Zum Deel hu misse Better an der Receptioun vun enger Urgence opgeriicht ginn. Et sollen och Leit mat Brëch nees mat privaten Ambulanzen heem geschéckt gi sinn.

Dowéinst wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister dës Froe stellen:

1) *Kann d'Madamm Minister bestätegen, datt d'Urgencen an de Spideeler ufanks Dezember iwwerlaascht waren? Sinn et am éischte Weekend am Dezember Spideeler ginn, déi net genuch Better haten, mol net fir déi Patienten déi hätte missen, ënner normale Bedéngungen, stationär hospitaliséiert ginn?*
2) *Wéi eng **Moossnamen**, **déi direkt gräifen**, wëllen de Gesondheetsministère an d'Spideeler implementéieren, fir eng gutt an eng schnell Behandlung vun alle Patienten an den Urgencen ze garantéieren, och bei wanterleche Wiederconditiounen?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

Le caractère urgent de la question a été reconnu (04.12.2017)

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
05 DEC. 2017

Luxembourg, le 5 décembre 2017

Concerne: Question parlementaire n° 3499 du 4 décembre 2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant "Service d'urgences des hôpitaux"
Réf. : 821x8b0d1

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3499 du 4 décembre 2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant "Service d'urgences des hôpitaux".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,
p.d.

Laurent JOMÉ
Premier Conseiller de Gouvernement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3499 du 4 décembre 2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant " Service d'urgences des hôpitaux".

All Wanterabroch bréngt och mat sech, dass d'Noutdéngschter vun de Spideeler méi opgesicht ginn, dëst virun allem wéinst Fäll vun Traumatismen, spriech Verletzungen.

Dës wiederbedingten episodesch Augmentatiounen vun der Zuel vun de Patienten an den Urgencen stellen awer kee gesondheetleche Noutfall am Sënn vum Wuert duer. Dofir gëtt de Gesondheetsministère och nët zäitno doriwwer an d' Bild gesat. D'Spideeler hunn och nët iwwert den 1. Dezember-Weekend de wäisse Plang (Plan Blanc) déclenchéiert.

D'Servicer vum Gesondheetsministère si sech och bewosst, dass esou Aktivitéitspic'en eng organisatoresch Erausfuerderung duerstellen, esouwuel fir d' Noutdéngschter selwer wéi och fir di medizinesch a paramedizinesch Équipen, déi dës Patienten medizinesch betreien.
D'Gestioun vun de Platzen an de Better an de concernéierte Spidolsservicer ass och e reellen Défi. Dës Organisatioun fällt an de Responsabilitéitsberäich vun de jeeweilegen Spidolsdirektiounen.

Esou wéi et an de leschte Réuniounen vun der Quadripartite festgehalen a matgedeelt gouf, a mam Zil fir et de Spideeler déi Déngscht hunn, z'erlaben hir Urgence-Servicer zu de Spëtzenzäiten z'entlaaschten, gouf 2017 en Audit iwwert d' Urgence-Servicer realiséiert. D'Resultater vun dësem Audit ginn den Ament mat alle concernéierten Acteuren diskutéiert. Dobäi ginn och d' Rekommandatiounen erausgeschielt, wéi de Flux vun de Patienten an den Urgencen ka verbessert ginn. Dës Resultater wäerten de Gesondheetsministère an de Ministère vun der Sozialversécherung och Mëtt Dezember am Kader vun enger Pressekonferenz der Ëffentlechkeet presentéieren.

Deemno ass et zu dësem Zäitpunkt nach verfréit fir konkret Mesuren opzezielen déi elo direkt en Place gesat ginn. Donieft wier et och ze kuerz gegraff, fir ze soen dass eleng d'Spideeler an de Gesondheetsministère kéinten esou Moosnamen implementéieren, well dës gläichzäiteg och aner Acteure betreffen, notamment d'Gesondheetskees, fir de Finanzement, d'Dokteren, d' Gesondheetsberuffer an d' Federatioun vun de Spideeler FHL, fir hei nëmmen di wichtegst ze nennen.

De Gesondheetsministère wäert och am Joer 2018 ganz enk mat all de concernéierten Acteure weider dru schaffen, fir dass och an Zukunft eng performant, adaptéiert a sécuriséiert Prise en Charge an de Noutdéngschter kann offréiert ginn.